



E Witz?

Ower e schlechte Witz, dat kann een bei der Wucherpräisdeirecht soen wou ons d'SNCT dese Freideg bruecht huet. Dat se hier Präiser van Zäit zu Zäit upassen as jo och Ok, wann dest sérieux duerchgerechent get, awer hei sutzen der zesummen déi hun dat „Pi mol Dom“ gekukt, no dem Motto „waat freeet den Noper da froen mer och esouvill“.

Wou een awer bei der Konkurrenz Client as, bleiwt et bei der SNCT bei „Fliessbandabfertigung“ an dat zu deem Präis. A bei den Oldtimer mussen se wuel deier Experten engagéiert hun dat de Präis esou an d'Luuut gangen as oder huelen se sech dat just erem eran, wat hinen doduerch dat een just all 2 Joer goe muss, entgeet?

Dat as „effizient“, méi Geld verdengen an manner leeschten.

Do get och keen Ennerscheed op Auto oder Motorrad gemach!

Mam Oldtimer kent der och bei den ACL oder DEKRA goen, vergläicht d'Präiser an froot och bei der Garage an ärer Géigend wou technesch Kontroll ubid an huelt net automatesch den RdV bei der SNCT.

de Comité vun der AMAL